N°3741
Entrée le 13.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3741 vum 9. März 2026 vum honorabelen Deputéierten Dan Biancalana zum Sujet "Présence de policiers roumains au Luxembourg dans le cadre de la lutte contre la mendicité".**

**1) Laut dem Communiqué wäerten ab Mee 2026 rumänesch Policebeamten zu Lëtzebuerg present sinn. Fir wéi eng Dauer ass d'Presenz vu rumänesche Policebeamten zu Lëtzebuerg virgesinn?**

D'Arrangement gesäit vir, dass d'Patrullen am Mee 2026 an der Stad Lëtzebuerg agesat ginn fir 6 Méint. Eng méiglech Verlängerung ass am Arrangement virgesinn, mat engem Preavis vun op mannst 6 Woche virum geplangten End-Datum vun der Missioun.

**2) Wéi eng Kompetenze sollen déi rumänesch Policebeamten am Kader vun dësem Arrangement hunn a wéi wäit däerfen si zu Lëtzebuerg intervenéieren?**

D'Missioune sinn am Arrangement genau opgelëscht an definéiert. Rumänesch Polizisten maache keng Enquêten, mee facilitéieren den Austausch vun Informatiounen an Experienzen iwwer ënnert anerem:

- Evaluatiounsmethoden, Polizeitaktik, Preventioun a Kampf géint Kriminalitéit ;
- operationell Aktivitéiten (Patrullen an ëffentlechen Uerder) ;
- Kommunikatioun mat rumänesche Staatsbierger ;
- Verständnis vun de sozialen a kulturelle Realitéite vu  rumänesche Staatsbierger.

Si schaffen ënnert der Auoritéit vun der Police an hu keng polizeilech Kompetenzen op eisem Territoire.

**3) an 4) A wéi enge Beräicher oder Situatioune sollen déi rumänesch Policebeamten intervenéieren, déi net schonn duerch d'Lëtzebuerger Police ofgedeckt ginn? Wat sinn déi konkret Erwaardunge vum Ministère vis-à-vis vun dëser Zesummenaarbecht?**

Souwuel dëss Regierung, wéi och déi viirecht Regierung, d'Police, an och d'Commission consultative des Droits de l'Homme (CCDH) konstatéieren ee Lien tëschend mat organiséierter Heescherei a Mënschenhandel.

Duerch d'Police-Kooperatioune mat de rumäneschen Homologen, déi virun de selwechten Erausfuerderunge mat organiséierter Heescherei a potentiellem Mënschenhandel stinn, erwaarden d'Police an ech :

- eng interkulturell Approche a Verständnis vum Phenomen vun der organiséierter Heescherei
- eng Sensibilisatioun a Formatioun fir d'Police
- eng dissuasif Präsenz vu Poliziste mat sproochleche Kompetenzen

Ech ginn géint organiséiert Kriminalitéit an ginn de Recommandatioune vun der CCDH no, mat enger enger Verstäerkung vun den Effektiven, enger multidisziplinärer Approche an internationalem Informatiounsaustausch.

Police-Kooperatioun an ee besseren a schnellen Informatiounsaustausch si Prioritéiten déi ech duerch dëst Arrangement konkret ëmsetze wëll, besonneg säit déi rumänesch Ambassade keen Officier de liaison méi zu Bréissel huet.

**5) Wéi vill rumänesch Policebeamte sollen am Kader vun dësem Arrangement zu Lëtzebuerg agesat ginn?**

Dës Fro kann aus Police-takteschen an operationelle Grënn net beäntwert ginn.

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN